**PARBLAT - BULLETIN PAROISSIAL**

**Par Kordall Sainte-Barbe a**
**Par Déifferdeng Saint-François-d'Assise**

**02.05.2026 - 07.06.2026**



(Foto: Ilona Dury)

# Pastoralequipe fir
# d'Paren Kordall Ste-Barbe an Déifferdeng St-François-d'Assise

| | | |
|---|---|---|
| **Curé-modérateur** | | |
| Jean-Pierre Reiners (Curé-doyen) | 621 272 518 | jean-pierre.reiners@cathol.lu |
| Curé Romain Gillen | 50 72 47<br>Fax: 50 58 29 | romain.gillen@cathol.lu |
| Curé Alberto Chambi | 621 770 960 | alberto.chambi@cathol.lu |
| Abbé Jean-Luc Pinalie | 661 73 06 11 | jean-luc.pinalie@cathol.lu |
| Diakon William Zanier | 621 490 206 | william.zanier@cathol.lu |
| Pastoralreferentin Andrée Biltgen | 691 650 571 | andree.biltgen@cathol.lu |
| **Communauté lusophone du Sud** | | mcpesch@pt.lu |
| Père Marcos Donato Fuentes c.s. | 54 06 69 | marcos.fuentes@cathol.lu |
| Père Danilo Alves De Lima | | danilo.alvesdelima@cathol.lu |
| **Titularkatecheten vun der Par Kordall Ste-Barbe** | | |
| Eric Enders | 621 177 764 | eric.enders@cathol.lu |
| Khanh Faten-Nguyen | 621 178 840 | khanh.faten@cathol.lu |
| Christine Marcy | | cate.kordall@cathol.lu |
| **Titularkatechetinnen vun der Par Déifferdeng St-François-d'Assise** | | |
| Ilona Dury-Goska | 691 929 170 | ilona.dury@cathol.lu |
| Romaine Muller-Meyer | 691 367 471 | romaine.muller@cathol.lu |
| Christine Marcy | | cate.deifferdeng@cathol.lu |

**Sekretariat vun der Par Kordall Ste-Barbe**
**27, rue de la Résistance L-4942 Bascharage** 26 50 38 62 kordall@cathol.lu
Chantal Cito-Barthelmy chantal.cito@cathol.lu
Lundi - Mercredi - Vendredi : 07h30 - 11h30 & 14h00 - 17h00
Mardi, Jeudi : 10h00 - 11h30 & 14h00 - 17h00

**Homepage: http://cathol.lu/kordall**

**Sekretariat vun der Par Déifferdeng St-François-d'Assise**
**1, avenue d'Oberkorn L-4640 Differdange** 58 80 84 deifferdeng@cathol.lu
Marinette Seyler-Hengo
Lundi, Mardi Mercredi: 10h00 - 12h00 & 14h00 - 18h00
Jeudi, Vendredi : 10h00 - 12h00 & 14h00 - 16h00

**Homepage: http://cathol.lu/deifferdeng**

**Aumônerie catholique Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM)**
**Elisabeth Baudin 57 11 80 550**

# Marie-Veréierung zu Czenstochowa a Polen

Eng Marie-Veréierung gëtt et net nëmmen zu Lëtzebuerg. A menger Heemecht gëtt et och e staarke Mariekult. E Paradebeispill ass Czenstochowa, eng kleng Stad net wäit ewech vu mengem Gebuertsuert. Vun enger Veréierung zu Piotrkow hunn ech iech d'lescht Joer erzielt.

Am Pauliner Klouschter Jasna Gora ass d'Bild vun der Schwaarzer Madonna, och bekannt ënnert dem Numm “Muttergottes vun Czenstochowa”. Dëst ass ee ganz wichtege Pilgeruert a Polen an och op der ganzer Welt.

All Dag kommen dausende vu Leit op Czenstochowa. Am ganze Land maachen d'Leit sech besonnesch am Mount August op de Wee fir op Czenstochowa, mam Auto, mam Zuch, mam Bus an natierlech och zu Fouss. De 15. August, op Maria Himmelfaart, huelen dausende vu Leit un de Feierlechkeeten deel.

D'Schwaarz Madonna ass e byzantinescht Mariebild. Et ass bekannt fir hir däischter Gesiichtsfaarf, déi vum Rouscht vun de Käerze kënnt.

Zënter dem 14. Jorhonnert ass Czenstochowa e bedeitenden Pilgeruert (d'Klouschter ass 1382 vum Prënz Wladyslaw vun Opole an de Pauliner gegrënnt ginn). Déi erfollegräich Verdeedegung vum Klouschter géint d'Schweden am Joer 1655 war de Booster vun der Veréierung. Vun do un ass d'Schwaarz Madonna e Symbol vum Widderstand a vun der Fräiheet a Polen.

Dem Iwwerfall vun de Schwede verdankt d'Maria och seng Bless am Gesiicht. D'Geschicht erzielt, datt ee schwedeschen Zaldot dem Bild dës Bless mam Säbel verpasst huet.

All Dag gëtt de Votivaltor opgedeckt a féiert vill Leit an d'Kapell vun der Muttergottes. Jasna Gora gëtt dat geeschtegt Häerz vu Polen genannt an ass den zentralen Uert vun der kathoulescher Identitéit vu Polen.

Ech wënschen iech eng besënnlech a freedeg Oktavzäit !

Dury-Goska Ilona
Katechetin vun der Par Déifferdeng

**<u>Samschdeg, 2. Mai</u>** **Héichfest: Maria, Tréischterin am Leed Patréinesch vu Stad a Land Lëtzebuerg**

**Lëtzebuerg-Kathedral / Luxembourg-Cathédrale**
**09:30 Feierlech Priisterwei vum Cedric Latz a Leonardo Pulia.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**12:00 Daf: Leandro a Marley Dos Santos Tavares / Eliany Afonso Ramos** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
fir d'Eheleit Filadelfio a Graziella Vieni-Savio / fir Marcel Roos an d'Familljen Driemeyer an Erpelding / fir d'Eheleit Jean Weber a Maria Lenarcic.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass:**
fir d'Familljen Weinachter-Crahay, Schneider-Reimen a fir d'Schwëster Paul-Marie Muller / Stfg. fir déi Lieweg a Verstuerwen vun der Famill Josy Deischter-Thilgen.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass.**

**<u>Sonndeg, 3. Mai</u>** **5. Sonndeg an der Ouschterzaït**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass:**
fir Maria Faber an d'Eheleit Vital Faber-Angèle Meyers / fir Carlos Augusto Alcarva a Candida Célèste Morais / fir d'Familljen Geis a Ponzer.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass:**
fir déi Lieweg a Verstuerwen vun de Familljen Schambourg a Lentz / Stfg. fir Michel Evrard / fir Lydie, Renée a Jules Evrard an d'Famill Jaumin.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**12:30 Daf: Clara Dias Rodrigues** *(en portugais)*.

**Rodange**
**17:15 Rosaire suivi de la messe** *(en portugais et en français)*.

**Rolleng/Lamadelaine**
**18:00 Taizégebiet.**

**<u>Méindeg, 4. Mai</u>** *Hl. Florian an hll. Märtyrer vu Lorch († 304)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Dënschdeg, 5. Mai</u>** *Hl.Godehard, Bëschof († 1038)*

**Lëtzebuerg-Kathedral / Luxembourg-Cathédrale**
**18:00 Pilgermass fir d'Paren aus dem Dekanat Süden-West** *(genauen Oflaf op S.11)*.
*(Messe de pèlerinage pour les paroisses du doyenné Sud-Ouest - voir détail p. 11)*.

**<u>Donneschdeg, 7. Mai</u>**

**Rodange**
**18:30 Mass.**

**<u>Freideg, 8. Mai</u>** *Séileg Clara Fey, Uerdensgrënnerin († 1894)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
fir Josy Poncin-Thréisy Nicks / fir Rosalina Rodrigues an d'Kanner / Merci un en Onbekannten (AC) / Stfg. fir de Paschtouer Edmond Klein.

**<u>Samschdeg, 9. Mai</u>** *Europadag*

**Rolleng/Lamadelaine**
**10:30 Wuertgottesdéngscht / Célébration de la parole.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**10:30 Daf: Alessio Lambiase / Neo Soares Garcia** *(en français)*.
**15:00 Daf: Tessy Feltus** *(en luxembourgeois)*.
**16:00 Daf: Chibueze Aurelio Chukwudi** *(en italien)*.

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
1JM fir Remo Bruzzese a Mass fir Dora Bruzzese an Domenico Bruzzese / Stfg. fir Léonie Hardt an d'Famill / fir d'Eheleit Jean-Pierre Colas-Marie Reuter, Kanner a Kandskanner.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass:**
JM fir Anna Koster a Mass fir Alphonse Brauch a Jeannot a Jean-Luc Fischer / Stfg. fir Marie-Thérèse Dahlem / fir d'Familljen Eich, Leuschen, Mertzig a Jean Birnbaum.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**19:30 Procession Notre-Dame de Fátima** *(Communauté lusophone)*.

***ATTENTION:***

À cause de la procession de la Communauté lusophone:
Pas de messe à 18.30 à Oberkorn.

**Sonndeg, 10. Mai** **6. Sonndeg an der Ouschterzaït**
*Schlussoktavsonndeg*

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass.**

**Lëtzebuerg-Kathedral / Luxembourg-Cathédrale**
**15:00 Oktav-Schlusspressessioun** *(Procession de clôture de l'Octave)*.

**Méindeg, 11. Mai**

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**Dënschdeg, 12. Mai** *Hll. Pankratius, Nereus an Achilleus, Märtyrer († 4. Jh.)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass:**
fir d'Verstuerwen vun der Famill Huss-Laures / Stfg. fir d'Famill Classen-Franck.

**Mëttwoch, 13. Mai** *Gedenkdag: Muttergottes vu Fátima*

**Péiteng/Pétange**
**18:00 Rousekranz zu Éieren vun der Muttergottes vu Fatima.**
*(Rosaire en l'honneur de Notre-Dame de Fátima)*.
**18:30 Mass vu Christi Himmelfaart.**

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass vu Christi Himmelfaart.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass vu Christi Himmelfaart.**

**Donneschdeg, 14. Mai** **Christi Himmelfaart - Ascension**

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass vu Christ Himmelfaart.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass vu Christi Himmelfaart.**

**Wooltz/Wiltz**
**14:00 Pèlerinage au Sanctuaire de Notre-Dame de Fátima 'op Baessent'.**

## Freideg, 15. Mai

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
fir déi Lieweg a Verstuerwen vun de Familljen Buysse-Metz, Metz-Dondelinger, Buysse-de-Beir a Biggins-de-Beir / fir Rosalina Rodrigues an d'Kanner.

## Samschdeg, 16. Mai

*Hl. Johannes Nepomuk, Märtyrer-Priister († 1393)*

***An alle Massen um Weekend:***
***Kollekt fir d'«Kathedral- a Wallfaartskierch».***

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
fir Stjepan Jagodin, fir d'Fam. Jagodin-Serfin a Salerno-Lanfranco / fir Margot Baustert-Michels / Stfg. fir d'Eheleit Joseph Collette a Catherine Junio, Pierre Munhowen a Marie Meyers.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Familljemass/Kiermesmass:**
1JM fir Yvette Meyer / 1JM fir Lea Ferber-Keiser a JM fir Remy Ferber / Mass fir d'Eheleit Josy a Marie-Thérèse Deischter-Thilgen a Famill / fir d'Eheleit Edmond a Suzanne Welu-Thiry / Stfg. fir d'Famill Eugène Ourth-Thiry.
*(Verkaf vun den Dekoratiounen fir de soziale Projet / Vente des décorations pour le projet social).*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass.**

## Sonndeg, 17. Mai

**7. Sonndeg an der Ouschterzaït**

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass:**
fir d'Eheleit Mathias Koster-Even / fir d'Eheleit Raymond Polfer-Rodesch / fir d'Eheleit Jean Polfer-Besch / Stfg. fir d'Familljen Wohl-Hansen an Heitz-Wohl.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**10:00 Célébration de la Première Communion** *(Communauté lusophone)*.

***ATTENTION:***
À cause de la célébration de la 1ière communion de la Communauté lusophone:
Dimanche 17 mai 2026 à 08:00 et à 11:00: Pas de messes à Oberkorn.

**Rodange**
**17:15 Rosaire suivi de la messe** *(en portugais et en français)*.

**<u>Méindeg, 18. Mai</u>** *Hl. Johannes I., Märtyrer-Poopst († 526)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Dënschdeg, 19. Mai</u>**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass.**

**<u>Donneschdeg, 21. Mai</u>** *Hl. Hermann Josef, Mystiker († 1241)*
*Hl. Christophorus Magallanes a Frënn, Märtyrer († 1927)*

**Rolleng/Lamadelaine**
**18:30 Youthtime.**

**<u>Freideg, 22. Mai</u>** *Hl. Rita vu Cascia, Uerdensfra († 1457)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
JM fir Leon Hatz a Mass fir Marie-Renée Hatz-Hartmann / fir Rosalina Rodrigues an d'Kanner / fir Piero Saddi, Iride Presciutti a Mauro Luchini.

**<u>Samschdeg, 23. Mai</u>**

**Péiteng/Pétange**
**11:00 Daf: Antunes Maia Noah / Baffa Mattia / Linden Raphaël** *(en français)*.

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Messe pour la Pentecôte** *(en français)*.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass vu Päischten.**

**Rolleng/Lamadelaine**
**16:30-21.00 Veillée de Pentecôte.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass vu Päischten.**

**<u>Sonndeg, 24. Mai</u>** **Päischten - Pentecôte**
*Enn vun der Ouschterzäit*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass vu Päischten** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass vu Päischten.**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass vu Päischten.**

**Rodange**
**17:15 Rosaire suivi de la messe de Pentecôte** *(en portugais et en français)*.

**<u>Päischtméindeg, 25. Mai</u>** *Gedenkdag: Maria, Mamm vun der Kierch*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Päischtdënschdeg, 26. Mai</u>** *Hl. Philipp Neri, Grënner vum Oratorium († 1595)*

**Iechternach/Echternach:**
**09:30 Sprangpressessioun zur Éier vum hellege Willibrord.**
*(Procession dansante en l'honneur de saint Willibrord)*

**<u>Freideg, 29. Mai</u>** *Hl. Paul VI., Poopst († 1978)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
fir d'Famill Roderich-Nicks.

**<u>Samschdeg, 30. Mai</u>**

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
fir Albano De Jesus a Famill Da Silva / fir Emilie Colles an Anny Koster / Stfg. fir d'Eheleit Guillaume a Madeleine Paquet-Hein a Joffer Marie Hein, Omer Paquet / fir d'Famill Armand Derume-Hoscheit.

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**18:30 Mass:**
Mass fir d'Verstuerwen vun de Familljen Faten a Gricius-Goethals / fir Paul Wagner an d'Eheleit Nicolas Haupert a Mathilde Schmit, Haupert-Flammand a Schmit-Muller.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass.**

**<u>Sonndeg, 31. Mai</u>** **Helleg Dräifaltegkeet - Trinité**

**Uewerkuer/Oberkorn**
**08:00 Mass** *(en portugais)*.

**Péiteng/Pétange**
**09:15 Mass:**
Stfg. fir d'Eheleit Léon Hatz-Marie-Renée Hartmann, Kanner, Enkelkanner, d'Eheleit Alphonse Hatz-Determe a Nic. Hartmann-Peffer / Stfg. fir d'Eheleit Nicolas Reding-Marguerite Endré, Kanner an Enkelkanner.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**11:00 Mass:**
fir Marie-Louise Schoos-Schambourg / Stfg. fir d'Famill Faber-Kridel / fir d'Famill Mambourg-Kraus / fir Ida Ravaillot.

**Rodange**
**12:00 Daf: D'Alessandro Morales-Recio Noelia** *(Communauté lusophone)*.

**Rodange**
**17:15 Rosaire.**
**17:45 Clôture mois de mai - chapelet suivi de la messe** *(en portugais et en français)*.

**<u>Méindeg, 1. Juni</u>** *Hl. Justin, Märtyrer († 165)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30-18:15 Gebiet vun de Mammen** *(Prière des mères)*.

**<u>Dënschdeg, 2. Juni</u>** *Hll. Marcellinus a Péitrus, Märtyrer († ëm 303)*

**Uewerkuer/Oberkorn**
**09:00 Mass.**

**<u>Donneschdeg, 4. Juni</u>**

**Rodange**
**18:30 Mass:**
JM fir Raymonde Lichtfus-Peschon a Josy Lichtfus.

**<u>Freideg, 5. Juni</u>** *Hl. Bonifatius, Märtyrer-Bëschof († 754)*

**Péiteng/Pétange**
**17:30 Anbetung, Rousekranz a Beicht** *(Adoration, rosaire et confessions)*.
**18:30 Mass:**
fir Josy Poncin-Thréisy Nicks, Jean Elsen a Famill.

**<u>Samschdeg, 6. Juni</u>** *Hl. Norbert vu Xanten, Bëschof († 1134)*

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**11:30 Hochzäit: Patrick Bertemes - Tamara Binna.**

**Péiteng/Pétange**
**17:00 Mass** *(en français)*:
1JM fir Yvette Busser a Mass fir Aloyse Busser / fir d'Eheleit Filadelfio a Graziella Vieni-Savio / fir d'Famill Thull-Kauth.

**Uewerkuer/Oberkorn**
**18:30 Mass.**

**<u>Sonndeg, 7. Juni</u>** **Härläichendag - Fête-Dieu**

**Nidderkäerjeng/Bascharage**
**09:30 Mass zum Héichfest vun Härläichendag**
**fir d'Pare Kordall an Déifferdeng an all eis Sproochgemeinschaften**
**mat uschléissender Pressessioun géint 10:30.**
*(Messe intercommunautaire et interparoissiale pour la Fête-Dieu suivie de la procession vers 10:30).*

**Rolleng/Lamadelaine**
**18:00 Taizégebiet.**

---

## Oktav 2026

### Dënschdeg, de 5. Mee 2026

Mir invitéieren iech un eisem Pilgerdag vum Dekanat 'Süden-West' deelzehuelen.

**Treffpunkt:** 16:45 An der Méchelskierch
17:00 Kuerz Andacht
17:15 Pressessioun an d'Kathedral
18:00 Feierlech Mass virum Votivaltor vun eiser Tréischterin.

***Mardi, le 5 mai 2026***

*Nous vous invitons à participer aux célébrations de notre journée de pèlerinage du doyenné 'Süden-West'.*

***Rendez-vous:*** *16:45 En l'église Saint-Michel*
*17:00 Courte prière*
*17:15 Procession vers la cathédrale*
*18:00 Messe solennelle devant l'autel votif de la Consolatrice.*

---

**Fraen a Mammen - Jeunes Mamans vu Rodange**
invitéiren op Päischtdënschdeg, **de 26. Mai 2026** op Iechternach op d'Sprangpressessioun. Mëllt Iech bis spéitstens den 18. Mai beim Nicole Schuller um 661 231 966 un.
Präis vum ganzen Tour: 60€ Bus a Mëttegiessen an 30€ ouni Mëttegiessen.
Är Umeldung ass eréischt gülteg, wann Dir Äre Betrag op eise Konto bei der **BILL LU09 0029 1264 4811 0000** iwwerwisen hutt !

**Den Hellege vum Mount....**

« Manete in me » – « Bleift a mir », dat ass d'Devise vun der Kongregatioun vun de 'Schwëstere vum aarme Kand Jesus', déi op Initiative vun der séileger **Clara Fey**, där hire Gedenkdag den 8. Mee gefeiert gëtt, gegrënnt gouf. Als véiert vu fënnef Kanner koum d'Clara Fey den 11. Abrëll 1815 zu Oochen op d'Welt a war d'Duechter vum Textilfabrikant Louis Fey a senger Fra Katharina. Am Alter vu 5 Joer huet si hire Papp verluer, an d'Mamm huet hir Kanner, deenen si déi bescht méiglech schoulesch Ausbildung erméiglecht huet, eleng groussgezunn. Schonns als jonkt Meedchen huet d'Clara d'Schicksal vun de Weesekanner an de Kanner aus aarme Verhältnisser – eng Zuel, déi stänneg duerch d'Industrialiséierung zu Oochen gewuess ass – net kal gelooss. Si wollt de Schwächten an der Gesellschaft hëllefen. Den 3. Februar 1837 huet si dofir, zesumme mat e puer Frëndinnen, eng Aarmeschoul fir verwahrlost Meedercher gegrënnt an duerch eege Mëttele finanzéiert. D'Schoul gouf séier ze kléng, esou datt si d'Erlabnis krut, dat aalt Oochener Dominikaner-Klouschter ze notzen. Hiert soziaalt Engagement sollt awer weider goen. Mat Hëllef vun hirem Brudder Andreas, Kaploun vu St-Paul zu Oochen, dem Paschtouer Wilhelm Sartorius, dem Mgr. Jean-Théodore Laurent (vun 1841-1848 Apostolesche Vikar vu Lëtzebuerg) an e puer gläichgesënnten Dammen, huet si den 2. Februar 1844 d'Kongregatioun vun de 'Schwëstere vum aarme Kand Jesus' gegrënnt an huet sech bedürftege Kanner a Jugendlecher ugeholl, fir hinnen, duerch hir pädagogesch Aarbecht, eng serieux schoulesch Ausbildung ze garantéieren. D'Kongregatioun, déi séier gewuess ass, gouf 1848 vum Äerzbëschof vu Köln, dem Johannes von Geissel, an 1869 vum Poopst Pius IX. unerkannt. An de Joren 1848 bis 1872 koum et zu weideren 23 Nidderloossungen a Preußen. Am sougenannte Kulturkampf awer goufen d'Nidderloossungen ënnert dem Räichskanzler Otto von Bismarck opgeléist, esou och d'Mutterhaus zu Oochen, an d'Schwësteren hunn 1875 Preußen misse verloossen. D'Clara Fey huet sech mat hire Schwësteren awer net ënnerkréie gelooss. Direkt hannert der preisesch-hollännescher Grenz hunn si sech zu Simpelveld (NL) etabléiert an do en neit Mutterhaus gegrënnt. Wéi d'Clara Fey den 8. Mee 1894 zu Simpelveld stierft, war de Kulturkampf schonns laang eriwwer an dofir konnt si och nach materliewen, wéi d'Schwësteren nees zréck op Oochen gaange sinn, a wéi hir Kongregatioun duerch weider Klouschter-Grënnunge wäit iwwert d'Grenze vu Preußen an Holland eraus international sozial engagéiert war – och zu Lëtzebuerg.
D'Clara Fey gouf fir d'éischt um Schwëstere-Kierfecht a spéider an der Klouschterkierch zu Simpelveld bäigesat. Nodeems 2012 d'Schwëstere Simpelveld opginn hunn, koum si an d'Krypta vum Oochener Doum. Säit hirer Séilegspriechung de 5. Mee 2018 läit si an der 'Kind-Jesu-Kapell' vum fréiere Mutterhaus zu Oochen.
Séileg Clara Fey, biet fir all am Sozialwiesen engagéiert Matmënschen, a fir äis all.

(Text: J.-P. REINERS)

---

**Dat nächst Parblat geet vum 6. Juni bis den 12. Juli 2026.**
Bestellt w.e.g. är Massen bis spéitstens Méindes Mueres, den 18. Mai 2026 !
Merci am Viraus!